ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

> Inkontinenz ass net just eng Fro vun héijem Alter a si trëtt och net just bei fleegebedierftege Mënschen op, mee ka quasi all Mënsch treffen. Si bedeit finanziell e gewëssen Opwand, fir sech ze schützen a propper ze halen. Elo ass mir zou Ouere komm, datt awer dëst sanitäert Material wéi Alagen a Wëndelen nëmme vun der Fleegeversécherung zum Deel zeréckbezuelt gëtt, fir Leit, déi als «personnes dépendantes» unerkannt sinn, also Hëllef vun engem Fleegedéngscht kréien oder an engem Heem sinn.

1. Ass d'Regierung bereet, dës restriktiv Handhabung, ze iwwerdenken an déi Ausgaben och Leit, déi nach net op dës Hëllef ugewise sinn, zum Deel iwwert d'Krankekeess ze bezuelen?
2. Wär net generell opzepassen, datt an deenen ënnerschiddleche Bestëmmunge vu Krankekeess a Fleegeversécherung sech keng esou Diskriminatiounen aschläichen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten